N° 6593
Entrée le 02.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Säit véier Joer huet Lëtzebuerg een neit Déiereschutzgesetz. Laut dësem Gesetz gëllen Déieren net méi als Géigestänn, mee als Liewewiesen, déi ënner dem Schutz vum Staat stinn. Véier Joer no Akraafttriede vun dësem Gesetz huet sech d'Situatioun vun den Déieren zu Lëtzebuerg awer net grondsätzlech verbessert. D'Déiereschutzorganisatioune bekloen een akute Plazmangel an de véier Déierenasyler vum Land. Honnerte vu Kazen an Hënn hu keen Ënnerdaach a verbreede sech rasant weider, well se net steriliséiert oder kastréiert sinn.

Besonnesch wärend dem Lockdown 2020 hu sech vill Leit Hausdéieren ugeschaaft, déi se nom Lockdown ausgesat oder un d'Déierenasyler ginn hunn. D'Situatioun gëtt duerch d'Vakanzesaison nach verschlëmmert. Dobäi kënnt, datt ëmmer méi Déieren am Internet oder op de soziale Medie verkaf ginn, wat vum Gesetz hier verbueden ass. Aus all deene Grënn sinn d'Déiereschutzorganisatiounen un d'Grenze vun hire Kapazitéite gestouss.

An deem Kontext hu mir follgend Froen un den Här Minister:

1) Ass den Här Minister bereet, zousätzlech finanziell oder materiell Mëttele bereetzestellen, fir et den Déiereschutzorganisatiounen ze erlaben, hir wäertvoll Aarbecht och weiderhi kënnen ze maachen an doduerch d'Déiereschutzgesetz vun 2018 ëmzesetzen?
2) D'Gesetz vun 2018 verbitt den Onlinehandel mat Déieren. Wat mécht d'Regierung, fir sécherzestellen, datt dat Gesetz och agehale gëtt?
3) Wéi steet den Här Minister zur Propositioun vun den Déiereschutzorganisatiounen, een dréngend benéidegt Déierenasyl, oder op d'mannst eng Opfaangstatioun fir Déieren, am Norde vum Land ze finanzéieren?
4) Gi vum Ministère Sensibiliséierungscampagnen initiéiert, fir d'Déierebesëtzer op hir Flichten opmierksam ze maachen?
5) Gëtt un engem nationale Plang geschafft, fir d'Ëmsetzung vum Déiereschutzgesetz méi effikass duerchzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten